



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,
AFFILIÉE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Dippech, den 12 mai 2020.

Rapport vun der Vidéokonferenz vum Mëttwoch 29. Abrëll 2020.

Nom:	Ini.	Functioun:	Présent	Excusé(e)
GILLES Joël	GJ	Member	•	
GONCALVES Sandro	GS	Secretär	•	
HAAG Serge	HS	President	•	
HEIDERSCHIED Dan	HD	Member	•	
JUNGBLUTH Fredy	JF	Trésorier	•	
KEISER Claude	KC	Member		•
MORANG Misch	MM	Member	•	
MORIS Laurence	ML	Member	•	
SPAUTZ Richard	SR	Vizepräsident		•
TREIS Laurent	TL	Member	•	

Start vun der Sëtzung: 18:15h

Den Ëmstänn no hunn de President an d'Memberen vum Comité sech entsched fir eng weider Vidéokonferenz ze halen fir kënnen e puer Punkten ze beschwätzen.

Et sinn folgend Punkten op d'Dagesuerdnung komm a beschwat ginn:

1. COURSEN

ML Allgemeng huet et geheescht :

No mengem Gespréich mam Christian Helmig (FSCL) wäeren di éischt Coursen ab den 1.8.2020 méiglech, esou wär den 3 Länner Championnat (CH/D(LUX)) an der éischter Woch vum August. Dëst Joer wär et u Lëtzebuerg fir deen z'organisieren an Dikrech géif dat organisieren.

D'Championater zu Mamer géifen éventuel den 22 an 23 August, zu Zéisseng kéint dat den WE vum 15. a 16. August stattfannen. Contern hätt sech schon fir den 7. August ugemellt.

Wéini kéinten/solle mer eis Course fir d'Jeunes organisieren, wat mengt dir ?

Solle mer deen de WE vum 5. a 6. September oder awer an der Mëtt vun der Woch. Mir kéinten och parallel zu dem 3 Länner Championnat deen organiséieren?!?

HD Ech géif éischer mengen datt di Course am September sollt statt fannen. Eisen CX ass jo dann net mi wäit an et wär ubruecht eng mi kleng Course z'organiséieren an net onbedingt eng gréisser Course.

Eng Propose wär villäicht fir déi de selweschten WE wi den CX ze machen. (logisteschen an organisatoreschen), wat meng der ??

ML Den Tour vun den minimes/cadets/débutants huet +800 bis 1 KM. D'Ziel vun dëser Course sollt sinn datt de sportleschen Gëschter erëm kënnen an datt eis Coureuren sech erëm dierfen freeën um Velosport.

Laut dem Christophe Helmig wär et keen Problem fir eng Jury zesammen ze kréien.

Mir missten och nach kucken mat der Gemeng weem di Parkingen lanscht d'Appartementshäiser geheieren um Ënn vun der rue des Ecoles zu Schuller, op mer déi fir d'Course kënnen spären oder net ?

Zeechnen de Parcours eng Kéier op an dann ginn ech dem GS weider fir datt en mat der Gemeng dat kann kucken, op een dat iwwert e speziellen Reglement muss leisen oder wéi dat kann gehandhabt gëtt.

Mir müssen der FSCL dat dann nach matdeelen fir den Datum éventuell schon ze reservéieren. Den GS mecht d'Communicatioun un d'FSCL.

HD Et muss e suivi gemach ginn vun den Emailen di un de Club geschéckt ginn, iwwert den Internetsite, do wäer et gutt wann eng eenzel/e puer Léit sech géifen ëm den dispatching vun deenen Emailen këmmen. Den GS hëllt sech dëser Tâche un.

ML Et ginn hautdesdaags eng Vielfalt vu Méiglechkeeten fir eng Memberskart ze bezuelen, kéinten mer z.B. net dat iwwert en QR Code villäicht um Bréif matschécken fir datt eis Memberen méi einfach bezuelen kéinten??

JF Mir kucken dat mat der Bank esoubal e rdv machbar ass fir och aner Punkten nach ze klären.

HS Fir eisem Club den Verwaltungstechneschen Opwand ze spueren kënnen mer eng Rei Formularen (Aschréiwung, divers Rappels) ausfüllen di dann automatesch vun eisem Site verschafft ginn, mat der Hëllef vun Clubee z.B.

Och fir konform ze bleiwen mat der GDPR, do ginn et standard Texter di mer kéinten abauen.

Zur Info ass dem Dizzy seng Challenge ass an de September verluecht ginn a misst normalerweis den 12ten an 13ten stattfannen.

2. DIVERS

ML Den Tim (Garage Thommes) wollt eis un d'Häerz leeën dat den Auto an d'Camionette roueg dierfen gefuer ginn.

Sinn d'Bréiwer fir eis Sponsoren opgestallt ginn? Wär et net ubruecht fir déi demnächst ze verschécken?

JF Et feelen nach e puer Sponsoren di ech net konnt ereechen, mee dat ass virgesinn. Mir wäerten d'Bréiwer esou schnell wi méiglech verschécken, Stechdatum kann ee festhalen fir den 5. Mai.

Ech kann iech matdeelen datt eis finanziell Situatioun (ouni an den Détail ze goen) eng ganz zolidd ass och no de lëschten Ausgaben.

ML+HS D'Rapportë sollen validéiert ginn ier se dann publizéiert ginn.

ML Eis Versammlung kann di nächsten Kéier villäicht erëm ouni Vidéokonferenz gemach ginn, di géif dann kënnen am dem groussen Sall vum Kulturzentrum stattfannen.

HS D'Uniform vum Club soll wann méiglech genotzt ginn mam néidegen Respekt, d.h., et wär ubruecht wann ee mat der Uniform vum Club ënnerwee ass, datt ee sech och un d'Gesetz an un d'Reegelen vum Code de la route soll halen.

3. FEIER FIR DEN HENG AN DE LUSS

JF Hat kuerz mam Christophory's Jost riets dee mer matgedeelt huet datt fir den November 3 WE nach fräi sinn an datt fir den Dezember just nach 2 WE fräi sinn
Den Heng huet mer bestätegt datt d'Feier kéint den 5 Dezember stattfannen.

Ënn vun der Vidéokonferenz : 19:50h.

Notéiert iech wgl. dës 3 Datumen:

Wéini	20. Mai ëm 19.00 Auer	5. September (viraussichtlech)	10. Oktober
Wat	Versammlung vum Comité	Course Jeunes	CYCLO CROSS REGIONAL
Wien	All di kënnen kommen		
Wou	Centre Culturel Dippech, 64 A, route de Luxembourg	Schuller – Schoul	Zu Dippech

Dagesuerdnung vun der Versammlung vun Méindeg, den 20. Mai 2020 (Projet)

1. Courier
2. Validatioun vum Rapport
3. Organisation Course Jeunes vum 5/9,
 4. CX,
 5. Divers